



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7580 vum 9. Februar 2023 vum honorabelen Députéierten Nancy Kemp-Arendt.**

**Kann de Minister bestätegen, dass aktuell weder Schwammcoursen, nach de Rettungsbrevet am Waasser, um Ausbildungsprogramm vun der Policeschoul stinn?**

- **Wa jo, firwat?**
- **Wa jo, ass ugeduecht dës Coursen nees an de Programm opzehuelen?**
- **Wa nee, wat sinn d'Ursaachen dofir, dass dës Coursen net méi ugebuede ginn?**

**Ad 1) an Ad 3) :**

Aktuell sti keng Schwammcoursen an och kee Rettungsbrevet am Waasser um Programm vun der Ausbildung vun de Police-Stagiären. An der aktueller Ausbildung vun de ville Stagiären, déi Dank dem *recrutement renforcé* an der Police sinn, läit den Akzent op de Matière, déi dem Stagiäre et erlaben, op d'Missiounen an d'Kärkompetenze vum Polizist virbereet ze ginn. Zudeem misst d'Police, fir sou Coursen ze assurieren, extern Schwamminfrastrukture lounen an ee groussen Zäitopwand, fir d'Trajeten aus der Schoul an d'Schwemmen an nees zréck an ze féieren, a Kaf huelen.

**Ad 2):**

An der aktueller Situatioun vum *recrutement renforcé* an dem Agencement vun der Formatioun op 1 Joer an der Schoul an 1 Joer um Terrain, wäerten dës Coursen net ugebuede ginn.

Lëtzebuerg, de 6. März 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX